(Interruption)

Ass an dëser Affär keen Délai supplémentaire ugefrot ginn? Mir checken dat no, well normalerweis soubal d'Regierung mierkt - an heiansdo wonnert et eis, datt et esou fréi kënnt -, datt se net kann am Délai äntweren, kréie mer awer d'Demande fir Prorogation de délai. Ech kucken dat direkt no, an ech soen lech wat dann d'Äntwert war.

Sou! Mir kommen elo zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Den honorabelen Här Thiel ass Rapporteur vum Projet de loi iwwert d'Organismes de placement collectif. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

7. 5616 - Projet de loi relative aux fonds d'investissement spécialisés et portant

- modification de la loi modifiée du 20 décembre 2002 relative aux organismes de placement collectif

- modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Thiel *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet, iwwert dee mer haut ze befannen hunn, ass wuel schonn eleng dofir eppes Besonnesches, well et sech ausnahmsweis emol net eng Kéier ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv handelt. Dës Kéier ass et Hausmaacherkascht.

Doriwwer eraus ass de Projet gläich an duebeler Hisiicht vu Bedeitung: Engersäits verbreedert hien den Aktiounsradius vun eiser Finanzplaz, déi jo net ganz onschëlleg un eisem Wuelstand ass, an anerersäits knäppt de Projet erfreelecherweis un déi Innovatiounstraditioun un, mat där déiselwecht Finanzplaz grouss an erfollegräich ginn ass.

Här President, ronn een Drëttel vun eisem Finanzgeschäft geet haut op de Kont vun den Investmentfongen. Mir hunn elo ëm déi 2.300 OPCen - dat ass den technesche Begréff, Organismes de Placement Collectif - bei eis domiciliéiert, déi gutt 1.800 Milliarden Euro verwalten, also net grad eng Klengegkeet, well dat ass ëmmerhin dat 200facht vun eisem Statsbudget oder 60-mol dat, wat an engem Joer an dësem Land erschafft gëtt.

Et geet bei dësem Projet drëm, d'Fongen an en neie gesetzleche Kostüm ze kleeden. Natierlech een, an deem se nach besser ausgesinn an domat nach méi attraktiv fir d'Clientë ronderëm d'Welt ginn.

Iwwert dës direkt a vierdergrënneg Bedeitung eraus, kënnt dem Projet awer och eng méi generell Bedeitung zou, well et sech emol erëm eng Kéier ëm eng regelrecht gesetzlech Offensiv handelt, mat där mir versichen, d'Virleeferroll an engem bestëmmte Beräich ze iwwerhuelen an eis virun der Konkurrenz ze positionéieren. Déi décidéiert Virgehensweis - op Neilëtzebuergesch géif een dat wuel nennen: déi proaktiv Démarche - huet eis Finanzplaz an der Vergaangenheet méi wéi eng Kéier no vir bruecht a bleift och op Weideres eent vun hiren Erfollegsrezepter.

Dat bescht Beispill fir déi Zort vun offensiver Strategie huet jo grad d'Fongenindustrie geliwwert, andeem mir bekanntlech d'Nummer zwee weltwäit an d'Nummer eent an Europa sinn. Wa mir deemools net virun d'Kar gelaf wären, wéi mer 1988 virun allen aneren déi Direktiv ëmgesat hunn, déi den europäesche Pass fir d'OPCen agefouert huet, da wäre mir haut net do, wou mer sinn. Wéi ee gesäit, et rentéiert sech nun eben, wann ee virun deenen aneren op ass.

Dat Gesetz vun 1988, dat sech allgemeng mat den Investmentfonge befaasst, gouf 1991 duerch en anert complétéiert, dat sech nëmmen op déi sougenannt institutionell Uleeër bezunn huet, also op professionell Verméigensverwalter am Optrag vun Institutiounen, wéi zum Beispill d'Gestionnairë vun Assurancen oder vu Pensiounsfongen. D'Gesetz vun 1988 gouf 2002 duerch eng nei Versioun ersat, a seng Lafdauer gouf deemools op den 13. Februar 2007 limitéiert. Kuckt op Äre Kalenner!

Wann awer elo d'Gesetz vun 1991 fir déi institutionell Uleeër sech streckeweis op dat vun 1988 berifft, fanne mir eis an der Situatioun erëm, datt och dat Gesetz vun 1991 op den Dag genee vun haut un net méi gëllt an dofir et héich Zäit ass, datt et ersat gëtt. Dat Ganzt gesäit elo vläicht e bësse verwuerelt aus, mä eigentlech geet et blouss ëm zwou verschidde Saachen aus dërselwechter Famill, nämlech ëm zwou Zorten Investmentfongen.

D'Gesetz vun 2002, mat deem déi sougenannt UCITS-3-Direktiv ëmgesat gouf - ech entschëllege mech: UCITS ass den englesche Begréff vun OPC an heescht Undertakings for Collective Investment in Transferable Securities; also fir einfach Saachen och heiansdo komplizéiert auszedrécken -, also dat Gesetz, dat UCITS-Gesetz vun 2002, dat d'Basisgesetz vun 1988 ofgeléist huet, ass méi op de Regelfall fokusséiert, dat heescht op den normalen Investor, dee seng Erspuernisser a Fongen uleet an deen domat am Prinzip engem oder méi Fongeverwalter seng Suen uvertraut.

Et läit dofir op der Hand, datt an deem Gesetz d'Gewiicht op d'Protektioun vum Uleeër, also vum Konsument an dësem Fall geluecht gouf, an dat wuel zu Recht, well et kënnt nach ewell haut souguer vill ze dacks vir, datt Klengspuerer vu Finanzjongleuren iwwert den Dësch gezu ginn, déi hinne phenomeenal Revenuë verspriechen, ouni se op där anerer Säit op d'Risiken hinzeweisen, déi eventuell mat deem versprachene Bommegeschäft verbonne sinn.

Nieft dem Gesetz iwwert déi sougenannt Publikumsfongen, also déi Fonge fir den Normalstierflechen, hate mir vun 1991 un do dat extra Gesetz fir institutionell Uleeër, eben dat Gesetz, dat mir haut duerch en neit ofléisen. Et huet sech vun deem normale Fongegesetz haaptsächlech doduerch ënnerscheet, datt et den institutionellen Investisseuren eege Regele fir hir Investmentaktivitéit ginn huet, déi dem Ëmstand, datt et sech hei ëm Profien handelt, Rechnung gedroen hunn.

Mat der Zäit ass de gesetzleche Kostüm vun 1991 deenen institutionellen Acteuren awer ze kleng an ze enk ginn, wéi déi sëllech nei Investmentméiglechkeeten, déi derbannst entstane waren, net méi esou richteg dra gepasst hunn. Dofir, an och well dat aalt Gesetz souwisou, wéi gesot, ausgelaf wär, ass dunn décidéiert ginn, en neit ze maachen, dat allen heitegen Ufuerderunge gerecht gëtt an dat zu engem gudden Deel och schonn dat virewechhëlt, wat d'Bréisseler Kommissioun kierzlech an engem Wäissbuch uklénge gelooss huet, nämlech en neie Reglementskader fir déi Fongen, déi fir d'Profië reservéiert sinn.

Wat ännert dann elo dat neit Gesetz par rapport zu deem alen? Éischtens féiert et eng nei Notioun an, déi vum Investisseur averti, déi deen alen an e bëssen enke Begréff vum institutionellen Uleeër ofléist. Zweetens erweidert d'Gesetz d'Lëscht vun de Produkter, déi fir déi avertéiert Uleeër reservéiert sinn an déi vun elo un d'Etikett Fonds d'Investissement Spécialisés, an der Ofkierzung FIS, kréien. An drëttens mécht d'Gesetz den Encadrement an d'Kontroll fir d'Profien e bësse méi labber, fir datt déi méi Spillraum an hirer Aktivitéit hunn.

Aus deem alen, enk gefaasste Begréff vum Investisseur institutionnel gëtt also elo en Investisseur averti, woumat d'Dier e gutt Stéck méi wäit opgeet. Elo sinn et nëmme méi déi Uleeër, déi als Firma oder als soss eng Institutioun untrieden, déi Zougang zu deem reservéierte Fongeberäich hunn. Et geet duer, datt ee sech als Averti deklaréiert an op d'mannst 125.000 Euro am Grapp huet, fir unzeleeën, a schonns steet engem d'Dier zu deem exklusive FIS-Club op. A wann een déi 125.000 Euro net sollt hunn, da kann ee sech nach ewell zu deem Club zielen, well ersatzweis kann e Finanzprofi, wéi zum Beispill eng Bank, engem certifiéieren, datt een déi néideg Viraussetzunge matbréngt, fir als Investisseur averti gëllen ze kënnen.

Eemol dobannen an deem sélectë Club, steet engem d'ganz Fongepalett op. Ugefaange bei den Immobiliefongen, déi neierdéngs ëmmer méi gefrot sinn, iwwert déi Private-Equity-Fongen, déi den däitsche Vizekanzler, den Här Müntefering, emol eng Kéier als verfroossen Heesprénger verdäiwelt huet, bis zu den alternative Fongen, mat un hirer Spëtzt deene berüchtegten Hedge-Fongen, déi de Finanzopsiichter an och souguer de Finanzpolitiker uechtert d'Welt esou vill Kappzerbrieches maachen, well si se net esou richteg an de Grëff kréien.

Dat ass deen ee Virdeel vum Investisseur averti, datt hie seng Suen egal wou uleeën an domat quasi onbegrenzt spekuléiere kann.

Deen anere Virdeel besteet doran, datt hien dat zimlech ongehënnert maache kann, well seng Aktivitéit am Ënnerscheed zu där vum normalen Uleeër vill manner streng vun der zoustänneger Autoritéit, an eisem Fall ass dat d'CSSF, d'Commission de Surveillance du Secteur Financier, regléiert a kontrolléiert ass.

Iergendwéi mécht dat jo och Sënn. Wann net jiddfereen, mä nuren deen, deen als Investisseur averti qualifizéiert ass, an e spezialiséierte Fong investéieren däerf, da muss ee jo dovun ausgoen, datt déi Zort vun Uleeër weess, op wat si sech aléisst. Am Contraire zum normalen Uleeër, bei deem d'Gesetz den Akzent op d'Protektioun vum Client leet, ass eisen Investisseur averti opgrond vu sengem Statut censéiert, sech voll Rechenschaft iwwert d'Risiken ofzeleeën, déi hien ageet, esou datt hien net och nach muss extra protegéiert ginn, vu datt hie jo fir sech selwer handelt.

Am Contraire zum normalen Investisseur, deen an der Regel e professionellen Intermédiaire aspaant, géif dat schliesslech jo dorop erauslafen, datt eisen Investisseur averti sech viru sengen eegene Feelentscheedunge schütze wéilt.

An deemselwechte Gedankegank versteet een dann och, firwat d'Opsiicht vum Finanzsecteur manner streng Kritäre bei de spezialiséierte Fongen uleet, wéi am Normalen. Sou kann zum Beispill e FIS-Fong, wa mer se dann elo esou nennen, direkt aktiv ginn ouni de Sege vun der CSSF ofwaarden ze mussen, an déi Responsabel vun esou engem Fong brauchen och kee speziellen Agrément wéi hir Kolleege vun de Publikumsfongen. D'VNI, déi berühmt Valeur Nette d'Inventaire, muss net publizéiert ginn, an d'Responsabilitéit vun der Banque dépositaire, déi et zwar nach ëmmer gëtt, déi geet net esou wäit wéi am Fall vun engem normale Fong.

Dat méi labbert Regelwierk mécht dat Ganzt natierlech méi flexibel, an dofir och méi attraktiv fir déi Professionell, déi sech an dësem Beräich breetmaache wëllen. A well dervun ausgaange gëtt, datt et net un Interessente fir déi spezialiséiert Fonge feelen dierft, ass dann och derfir gesuergt ginn, datt de Kader esou attraktiv wéi méiglech gëtt.

Dat gëllt och fir de steierleche Beräich, well wéi all OPC ass och de Fonds d'investissement spécialisé vun der Kierperschaftssteier ausgeholl an ënnerläit just der Taxe d'abonnement, déi an dësem spezielle Fall ganz niddereg, nämlech bei 0,01% - oder d'Spezialiste soen, bei engem Basic point -, ugesat ginn ass, derbannst déi normal OPC-Sätz bei 0,05% leien.

Et muss sech allerdéngs elo erweisen, ob dee generéise Steiertaux - den Taxe-d'abonnements-Taux - duergeet, fir datt déi sëlleche potenziell Clienten de Wee op Lëtzebuerg fannen. Et ass gemengt ginn, et hätt ee sollen e Plaffong virgesinn, wéi en zum Beispill bei den neie Familljenholdinge geplangt ass, well d'Montanten, ëm déi et hei kéint goen, esou grouss ze gi verspriechen, datt eng no uewen oppen Taxe d'abonnement sech als Handicap erausstelle kéint. D'Finanzkommissioun huet duerfir virgeschloen, et sollt een emol fir d'éischt Erfahrunge sammelen an ofwaarden, an dann eventuell och d'Besteierung vun de Fonds spécialisés an déi méi global Iwwerleeungen abezéien, déi d'Regierung sech virgeholl huet, fir d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie nach ze verbesseren.

Mat dësem Gesetz, Här President, dat, wéi gesot, vun haut un a Kraaft wäert sinn, well soss déi 200 institutionell Fongen, déi mer schonn hunn, ouni gesetzlech Basis wieren, verbreedere mir d'Palett vun eise Finanzprodukter, an domat och d'Aktiounsfeld vun eiser Finanzplaz. Doduerch, datt mir en extrae Status fir déi méi sophistiquéiert Investmentfongen aféieren an dës nei Aktivitéit mat engem eegene Regelwierk encadréieren, dat wäitgehend dem Maart entgéintkënnt, verbreedere mir alt erëm eng Kéier de Spektrum vun eiser Finanzplaz; an dat ouni, datt mir vun enger EU-Direktiv derzou ugehale géifen. Déi Direktiv wäert wuel och eng Kéier kommen, mä bis dohinner hu mir alt erëm eng Kéier d'Nues vir a kënne mat e bësse Chance de Schmant fir eis ofschäffen.

Dat ass dann och, nieft der Erweiderung vun der Operatiounsplattform vun eiser Finanzplaz, deen aneren erfreelechen Aspekt vun dësem Gesetz. Mir beweisen eis an dem Rescht vun der Welt, datt mir nach net verléiert hunn am richtege Moment mat deene richtege Produkter ze kommen. Eng Tugend, där mir och zu engem gudden Deel de Succès vun eiser Finanzplaz verdanken, an déi mir hoffentlech weiderhin héichhale wäerten. Och dofir empfiehlt d'Finanzkommissioun der Chamber dëst Gesetz ze stëmmen. D'CSV-Fraktioun wäert där Invitatioun op jidde Fall nokommen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Meisch.

Discussion générale

M. Claude Meisch *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischt, datt ech dem Rapporteur, dem Lucien Thiel, villmools Merci soen an him félicitéiere fir säi Rapport. Hien huet eis an d'Technicalities - wéi hien et géif nennen - vun dësem Gesetzesprojet agefouert, wéi hie gesot huet: Et geet hei ëm eng nei Regelung fir Organismes de placement collectif, awer net fir se alleguerten, nämlech ganz besonnesch fir déi, déi fir institutionell Uleeër geduecht sinn.

Mat dësem Gesetz faasse mer jo dee Krees vun den institutionellen Uleeër méi breet, mat der neier Definitioun vum Investisseur averti, dat heescht, déi eigentlech versti wéi et op dem Marché fonctionnéiert, déi d'Regele kennen, déi d'Gewunnecht hunn, déi den Know-how hunn, wou mer dann eng ganz Rei vun anere Garde-fouen, déi och fir den Eenzelnen - fir eis zum Beispill, wa mer géifen eist Geld placéiere goen - noutwendeg a wichteg sinn, brauchen, fir deen Eenzelnen ze schützen. Déi brauche mer bei deene Leit, déi d'Profië sinn an deem doten Domän, net an deem dote Mooss.

(M. Henri Grethen prend la Présidence)

Mir stellen awer och fest, datt, obschonn och da bei de Profien eng ganz Rei vu Leit sinn, déi d'Erfahrung hu mat deenen dote Finanzinstrumenter ze handelen, datt awer och déi ganz oft op sougenannten OPCen zréckgräifen, obscho si och selwer kéinten direkt an déi eng oder aner Aktivaen investéieren. Mä si wëllen iwwert deen dote Wee vun den OPCe ganz besonnesch op d'Erfahrung, op de Savoir-faire am Domän vun enger professioneller Gestioun zréckgräifen. Dat huet sech am Laf vun deene vergaangene Jore jo gewisen, well mer och ëmmer gemierkt hunn, datt mer eben net nëmme bei de private Clienten, mä och bei den institutionelle Clientë ganz oft den Drang hunn, fir an OPCen ze investéieren.

Mat dësem Gesetz gëtt d'Bandbreet an déi esou OPCen investéiere kënnen, déi da fir Investisseurs avertis gëllen, méi grouss gemaach. Et gëtt also do méi Flexibilitéit gelooss. De Contrôle an d'Obligatioune ginn erofgesat, well mer ebe kënnen dovunner ausgoen, datt déi Leit, déi dann an deem doten Domän aktiv sinn, den Domän kennen, an datt mer net all Garde-fou mussen duebel esou héich zéie wéi bei deenen aneren.

Si gi favoriséiert, wat ze begréissen ass, well den Taux vun der Taxe d'abonnement extrem niddereg ugesat ginn ass - wéi de Rapporteur richteg bemierkt huet - mat 0,01%, woubäi mer jo aner OPCe mat 0,05% Taxe d'abonnement hei am Land besteieren. Dat ass eng Richtung, déi ee ka begréissen, datt een eenzel Finanzproduiten eraushëlt, déi ee manner besteiert, fir do och e Coup de départ ze ginn, fir déi Instrumenter méi interessant ze maache fir d'Investisseuren hei am Land an och déi kritesch Mass beieneenzekréien, fir do eng grouss Capacitéit hei op der Finanzplaz opbauen ze kënnen.

Op där anerer Säit huet d'Finanzkommissioun awer net zu Onrecht d'Fro opgeworf, ob een net misst iwwer e Plafonnement nodenken, well grad wann et sech ëm institutionell Uleeër, ëm Investisseurs avertis, handelt, dann och ganz grouss Montanten investéiert ginn, esou datt dann awer herno zum Schluss - och wa mer dovunner 0,01% huelen - e ganz, ganz bedeitende Montant derbäi erauskënnt, deen un d'Taxe d'abonnement misst bezuelt ginn. A well mer jo awer nach ëmmer a Konkurrenz zu anere Plaze stinn, déi d'Notioun vun der Taxe d'abonnement net an deem dote Sënn kennen, ob een net misst iwwerleeë fir op d'mannst e Plaffong anzeféieren.

D'Propositioun vun der Finanzkommissioun bleift eigentlech hannert deem zréck, wat d'Regierung jo och schonn annoncéiert huet, mä am mëndleche Rapport huet de Rapporteur awer nach eng Kéier ganz richteg dorobber higewisen, datt d'Regierung sech jo bereet erkläert huet d'Besteierung vun de Betriber, ganz besonnesch awer och

déi Besteierung, déi wichteg ass, déi de Kader setzt fir eis Finanzplaz, ze iwwerdenken, fir ze kucke wou mer kënnen Effortë maachen, fir nees méi kompetitiv - virun allem zu anere Finanzplazen an Europa - ze ginn.

Sou solle mer net nëmmen elo kucke wéi sech hei ganz spezifesch fir d'Fonds spéciaux déi dote Steierregelung sech bewähre wäert, oder wou mer fir dëse spezifesche Punkt mussen herno nach eng Kéier nohaken, mä mer solle generell dobäi bleiwen, datt mer d'Besteierung op eiser Finanzplaz eng Kéier ënnert d'Lupp wäerten huelen; an dozou gehéiert ebe ganz besonnesch d'Taxe d'abonnement. Eng Taxe d'abonnement, déi sech jo ganz favorabel am Laf vun deene leschte Joren entwéckelt huet.

Ech wëll dann einfach nach eng Kéier drun erënneren, datt fir de Budget 2006 450 Millioune Recetten ageschriwwe waren; am Endeffekt wäerte mer awer iwwert d'Taxe d'abonnement fir 2006 reell Recettë vu ronn 600 Milliounen erakritt hunn. Och fir d'Joer 2007 gi mer dann - méi bescheiden – vun erëm eng Kéier 550 Milliounen aus. Et gesäit een awer, datt mer am Laf vun deene leschte Joren do substanziell méi héich Montanten erakritt hunn.

Et war jo awer och ëmmer eng Politik, déi hei am Haus gedeelt ginn ass, déi hei am Land gemaach ginn ass, fir ze soen: Mir kucken, datt mer iwwert d'Durée datselwecht iwwert den Niveau vun der Taxe d'abonnement erakréien, an dann awer lues a lues mat den Tauxë kënnen erofgoen, fir ebe méi Volume kënnen ze maachen, an datt de Stat awer herno nach ëmmer datselwecht als Recette ka verbuchen.

Dann huet den Här Rapporteur och op en Ëmstand higewisen, deen awer e bësse gelungen ass, nämlech datt mer haut e Gesetz hei stëmmen, dat den 13. Februar 2007 - wéi et an deem entspriechenden Artikel 78 vum Projet de loi steet - a Kraaft soll trieden. A wa mer op de Kalenner kucken, dann ass dat ganz genau haut. Mir wësse jo och, wat elo nach alles muss a Bewegung gesat gi vun deem Moment un, wou mer hei gestëmmt hunn, bis da wierklech zur Publikatioun, bis zur Entrée en vigueur vun dësem Gesetzestext.

Do musse quasi sämtlech Institutiounen nach emol hei am Land zesummekommen, fir datt mer dat dote Gesetz dann och wierklech a Kraaft triede loossen, fir datt déi Insécurité juridique, déi hei am Raum stoung, awer esou minim bleift wéi et iergendwéi nëmme geet.

Mir mengen, datt, wann een éischter vun doheem aus fortfiert, da kënnt een och herno mat Zäit op sengem Zil un, an da brauch een net zum Schluss ze rennen an ze kucken, datt een op de Gas muss drécken, fir iergendwéi nach mat Zäiten iwwert d'Zillinn ze fueren. A mat Sécherheet wär et och bei dësem Projet de loi besser gewiescht, mer wären dès le départ an engem Zäitraum gewiescht, an engem Timing gewiescht, dee räsonnabel gewiescht wär.

Ech mengen elo net, datt et der Chamber unzelaaschte wär, datt mer hei wierklech herno op dem Dag selwer, wou d'Gesetz soll a Kraaft trieden, d'Gesetz och eréischt kënne stëmmen. Wann ee bedenkt, datt de Statsrot den 30. Januar 2007 säin Avis geschriwwen huet an d'Chamberskommissioun de 6. Februar säi Rapport ofgesehnt huet a mer haut wéi gesot den 13. Februar 2007 sinn, dann ass et net dëst Haus, dat d'Responsabilitéit dovunner dréit, mä da sinn et anerer.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Lydia Mutsch *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Fongenindustrie spillt fir eis national Ekonomie eng wesentlech Roll, dat ass gewosst. Eis Finanzplaz ass net nëmmen eng vun deene bedeitendste Finanzplazen op der Welt, mä si ass virun allem am Beräich vun den Investmentfongen d'Nummer eent an Europa an d'Nummer zwee an der Welt - direkt hannert den USA.

Déi lescht Etüd vum Comité pour le Développement de la Place financière iwwert den Impakt vun der Finanzplaz op d'Lëtzebuerger Ekonomie kënnt zur Konklusioun, dass de Secteur vun den OPCen hei zu Lëtzebuerg ronn 5% vum nationale Revenu, 3% vum Emploi an net manner wéi 11% vun de Steierrecettë generéiert. Dat ass net näischt.

Et ass deemno evident, dass mer all Intérêt drun hunn, fir eise legislative Kader esou auszebauen a permanent unzepassen, dass dëse Secteur sech hei zu Lëtzebuerg weiderentwéckelen a sech der Konkurrenz vis-à-vis behaapte kann.

De Projet 5616 iwwert d'Spezialfongen, wéi se an Zukunft heesche wäerten, mécht eiser Finanzplaz dës nei Entwécklungsméiglechkeeten an engem spezielle Segment vun de Fongenindustrien op, andeems en eng Rei Verbesserunge vis-à-vis vum Gesetz vun 1991 bréngt; notamment andeems en de Krees vun de potenziellen Investisseure vergréissert a sech domat un eng nei respektiv zousätzlech Clientèle adresséiert.

An Zukunft kënnen net nëmmen institutionell Investisseuren, mä och déi sougenannten Investisseurs avertis, wéi et hei scho gesot ginn ass, an e spezialiséierte Fong investéieren. Et sinn dat professioneller oder elo aner aiséiert Privatclienten, déi schréftlech mussen deklaréieren, dass se genuch vun der Matière kennen, fir hir Fongen en connaissance de cause an esou Finanzinstrumenter ze investéieren.

Ëmgedréint bleift de klenge Spuerer protegéiert, well d'Fonds d'investissement spécialisés, iwwert déi mer haut schwätzen, fir de Grand public heimadder net viséiert sinn.

Vum Inhaltlechen ofgesinn ass et och erfreelech, dass dëst Gesetz iwwert d'Spezialfongen, vun e puer Definitiounen ofgesinn, en autonoomt Gesetz gëtt, also ouni Renvoien op aner Gesetzer auskënnt. Dat ass eng legislativ Virgoensweis, déi fir Transparenz suergt an déi mer eigentlech a villen anere Beräicher méi systematesch missten uwennen.

Et ass gewosst, datt eis Finanzplaz ënner engem enorme Konkurrenzdrock steet. D'Finanzplaze wéi zum Beispill Dublin hu sech Lëtzebuerg als Virbild geholl, fir hire Banken- a Finanzsecteur auszebauen an d'Fiscalitéit spillt natierlech an deem Kontext eng ganz wichteg Roll.

Et ass also novollzéibar, dass déi interesséiert Secteuren, d'Investmentfongen an hir Interessevertriedungen, mat Nodrock intervenéieren, fir dass d'Steierlaascht reduzéiert gëtt op deem Gebitt. Gemengt ass hei virun allem d'Abonnementstax, déi op deene spezialiséierte Fongen am Prinzip 0,01% bedréit.

Eleng schonn aus budgetäre Considératiounen eraus ass et natierlech net wënschenswäert, fir elo liichtfankeg Steererliichterunge fir eenzel Wirtschaftssecteuren ze décidéieren. Duerfir misst een den Déchet fiscal an den Impakt op d'Fongenindustrie fir d'éischt emol ganz genau a ganz prezis analyséieren.

Méi sënnvoll ass et, d'Fro vun der Besteierung vun den Investmentfongen net isoléiert ze kucken, mä se am Kader vun der Upassung vun eisem Steierregime an enger Gesamtapproche unzegoen, esou wéi d'Regierung dat och wëlles huet. An dat ass och gutt esou.

Ofschléissend wéilt ech dem Rapporteur Merci soe fir säi gewinnt gudde schréftlechen a mëndleche Rapport, an domat och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet mat op de Wee ginn.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Mutsch. Nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och meng Félicitatioun un de Rapporteur, deen d'Matière kennt a souguer an nächster Zäit op engem grousse Meeting hei vun der Finanzplaz doriwwer referéiere wäert.

Mä et ass scho wichteg, datt mer dëse Projet de loi haut zur Diskussioun kréien, well mer gemierkt hunn, datt et am Ausland Bewegunge gi sinn, wou och Spezialfonge bestinn: an Däitschland, an Irland an op anere Konkurrentemäert. Esou datt mer en fait déi bestehend Fonds dédiés, déi fir institutionell Investisseure reservéiert waren, elo e bëssen oppäppelen an e bësselche méi attraktiv maache fir eng etlech aner Investisseuren.

Ech mengen, et ass eng gutt Evolutioun, déi do gemaach gëtt, well mer net vergiessen däerfen, datt mer an engem permanente Konkurrenzkampf sinn, an datt den Investisseur, deen op eng Finanzplaz goen oder mat enger Bank schaffe wëllt, kuckt: Wéi kréien ech mäin Invest gemaach? Wou ass dat am beschten ofgeséchert? Wou sinn d'Regelen net ze vill restriktiv, fir menge Risiken entspriechend kënne mäi Verméigen ze verwalten?

Et ass kloer, datt een all Sécherheete muss abaue fir de klenge Spuerer, deen een Deel vu sengen Erspuernisser uleet an enger Sicav, an enger OPC. Mä et ass awer och gradesou kloer, dass een där Persoun, déi een haut an deem neie Gesetz elo den Investisseur averti nennt, e bësselche méi Latitudë gëtt.

Nach gesinn ech, datt den Investisseur averti haut deen ass, dee wéinstens 125.000 Euro kann opbréngen. E kann och souguer manner opbréngen, da muss e just nach iergendwéi e Beweis kréien, e Certificat kréie vu senger Bank, datt en awer souguer bei engem méi klenge Montant kann op déi nei Form vu Spezialfongen opbauen, fir seng Fortune ze verwalten.

Et ass also eng positiv Evolutioun, wou mer ons nees erëm areien an déi ganz Propositiounen, déi et soss op anere Finanzplaze gëtt, an duerfir wäert och d'ADR dësem Gesetzesprojet zoustëmmen.

E lescht Wuert nach zu der Prozedur. Ech muss effektiv soen, datt mer dës Kéier bal e Rekord schloen. Ech mengen, dat hate mer nach net. Mir stëmmen elo kuerz viru véier Auer e Gesetzesprojet of. Dann um hallwer fënnef oder fënnef Auer kënnt de Conseil d'État zesummen. Da muss héchstwahrscheinlech eng Stonn duerno de Grand-Duc ënnerschreiwen. An da muss dat Ganzt och nach haut am Mémorial publizéiert ginn.

(Interruptions)

Ech muss effektiv soen, datt do d'Regierung an d'Chamber eppes fäerdegbruecht hunn, dat ass, datt mer héchstwahrscheinlech an d'Guinnessbuch vun de Rekorde wäerten agoen iwwert d'Rapiditéit vun engem Gesetzesprojet.

(Interruptions)

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech wollt soen, datt ech dem Rapporteur och wëll félicitéiere fir dee Rapport. An et ass och vun eiser Säit aus näischt méi bäizefügen. Mir wäerten dat Gesetz hei stëmmen.

Ech muss awer elo just soen: Dem Här Henckes säin Optrëtt hei huet mech e bëssen iwwerrascht, well ech an der Finanzkommissioun - weder, wéi de Rapport ugeholl ginn ass, nach virdrun - den Här Henckes héieren hunn, sech gréisser zu Wuert mellen zu dësem Projet de loi an zu där dote Problematik, esou datt dat mech e bëssen erstaunt, wann een dann an der Kommissioun...

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Dat ass jo kee Virworf.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här Henckes, Dir hutt gesot, Dir géift hei och der Chamber félicitéieren. Dir hutt gemaach, wéi wann Dir do ausgeklamert wäert. An Dir hutt am Fong op all déi aner hei mam Fanger...

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Neen, neen! Mir alleguerten, mengen ech, hunn hei eng Noutsituatioun. An duerfir fannen ech dat ganz gutt, wat do geschitt.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Här President!

(Interruption)

M. le Président.- Ech mengen dat Ganzt berout op engem...

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- ..., datt et elo muss geschéien.

M. le Président.- Ech ginn dem Här Henckes Akt, dass dat op engem Malentendu do berout, dem Här Bausch seng Interventioun.

(Hilarité)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Den Här Bausch huet och nach vläicht eppes zum Projet ze soen?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Neen. Här President, ech stelle just fest, den Här Henckes war net oft do an der Finanzkommissioun.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Ech sinn net Member vun der Finanzkommissioun...

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- ...dem Här Bausch, dass ech bei eis Member vun der Finanzkommissioun sinn.

M. le Président.- Also, d'ADR war vertrueden.

(Hilarité)

D'Riednerlëscht ass elo ofgeschloss. D'Regierung huet d'Wuert. Här Minister Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, mat dësem Gesetz maache mer e wichtege Schrëtt fir eng weider Diversifikatioun vun der Finanzplaz. Mir verbesseren de juristesche Kader vun der Finanzplaz, a virun allem och den internationale Leadership, deen d'Finanzplaz a ville Beräicher huet; och dee vun de Fongen. Duerfir sinn ech frou, datt dat Gesetz heibannen op esou eng breet Zoustëmmung fält. Ech soen dem Rapporteur, dem honorabelen Här Lucien Thiel, an den anere Kolleege vun der Finanzkommissioun Merci, datt se dee Projet hei esou konstruktiv begleet hunn.

An eisen Aen entwéckelt sech eng Finanzplaz nëmmen dynamesch, wann d'Politik proaktiv uerdentlech Rahmebedingunge schaaft. Dat hu mer ëmmer erëm gemaach, an dat maache mer och haut. Heiduerch wäerten nei zousätzlech Méiglechkeeten op der Finanzplaz entstoen. An et ass nëmme wann déi Méiglechkeeten op der Finanzplaz entstinn, datt eis Ekonomie - well d'Finanzplaz ass ee vun den Haaptpiliere vun der Ekonomie - weider déi Recettë ka generéieren, mat deene mer hei am Land ganz vill verschidde Beräicher vun der Politik kënne bedéngen. An duerfir ass et esou wichteg, datt mer hei un engem Strang zéien.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Duerfir mengen ech och, datt een an der Revisioun vun der Fiscalitéit ganz gutt muss oppassen, wat een an deem Beräich mécht. Scho viru Joren ass gesot ginn, datt, wa mer d'Taxe d'abonnement net géife reduzéieren, da géif de Risque bestoen, datt d'Investitiounsfongen net méi laang géife bestoen. Et muss ee selbstverständlech ëmmer d'Konkurrenzfäegkeet am A behalen - kucke wat d'Nopere maachen -; et muss ee sech awer och net nëmmen drop beschränke Fuerderungen erbäizebréngen, déi zu Reduktioune vu Steiere féieren.

Ech wëll hei soen, datt eleng den Droit d'apport, dee gefrot ginn ass bei de Budgetsdebatten ofzeschafen, d'lescht Joer eng honnert Milliounen Euro erabruecht huet, an d'Taxe d'abonnement vun de Fonge 618 Milliounen Euro erabruecht huet, wat béides ganz volatile Steiere sinn, wou een also och net dervun ausgoe kann, datt déi nächst Joren deen nämlechte Montant erakënnt.

Ech wëll och nach hei soen, datt dat ganz considérabel Montantë sinn, an datt, wann een aus Konkurrenzfäegkeetsgrënn esou Steieren réajustéiert, voire diminuéiert, een also och muss kucken, wou een aner Ressourcë ka fannen, fir deen Ausfall, deen een op der Recettësäit huet, anescht kënnen ze kompenséieren. Duerfir, mengen ech, ass et richteg, datt een dat an engem Gesamtpak muss kucken; net eng Steiermoossnam niewent där anerer, mä all Steiermoossnamen zesummen. A virun allem muss een dat och vum Aspekt vun den öffentleche Finanze kucken.

Ech si frou, datt dank där Politik, déi mer gemaach hunn, an dank enger gudder Situatioun op de Bourssen, effektiv eleng am Joer 2006 150 Milliounen iwwert d'Steier, déi d'Investitiounsfonge bezuelt hunn, méi erakomm sinn, wéi der am Budget virgesi waren. Mä erënnert lech drun, datt mer 2001 och gradesou en Abroch hate bei der Taxe d'abonnement, well op den internationale Bourssen d'Geschäfter no ënnen tendéiert hunn. Et ass also eng Steier, déi wesentlech dervun ofhänkt wat an der Welt geschitt. Duerfir kann een domadder keng durabel Politik maachen, mä et ass ee frou wann een déi Suen huet.

E lescht Wuert zu der Prozedur. Ech wëll hei just rappeléieren, datt et dach eng vun de Stäerkte vun dësem Land ass, datt mer och op der Finanzplaz - a grad do - et fäerdeg bréngen och séier kënne gesetzgeberesch täteg ze ginn. Ech hunn elo grad nogekuckt: Dee Projet ass den 29. September 2006 hei an der Chamber déposéiert ginn.

A véier an engem hallwe Mount, mengen ech, musse mer et an dësem Land fäerdeg bréngen d'Gesetzer ze aviséieren, ze diskutéieren, ze änneren, ze stëmmen. Ech menge souguer, datt eng vun de Stäerkte vun eisem Land an der Zukunft muss dra leien, datt mer

nach vill méi séier kënne Projeten ausschaffen - dat gëllt also och fir d'Regierung -, aviséieren, diskutéieren, a besonnesch där Projeten, déi, wéi et sech hei erausstellt, dach awer e ganz breede Secours an der Chamber fannen. Duerfir sinn ech dankbar.

Ech wëll och soen, datt souguer wann dat Gesetz haut net géif a Kraaft trieden, dann hätten trotzdeem d'Dispositions transitoires vum Gesetz vun 2002 iwwert d'OPCen eng Iwwergangsléisung virgesinn. Nach ass et besser dat Gesetz trëtt direkt a Kraaft. Ech muss einfach soen: Mech freet et, datt mer an engem Land wunnen, wou et fäerdeg ze brëngen ass, wann dat Gesetz de Mëtten hei gestëmmt ass, et och den Owend an de Mémorial ze brëngen. Firwat musse mer et dann ëmmer als eppes Exceptionnelles emfannen, wann et laang dauert?

Ech fannen dat normal. Et soll esou sinn, datt mer kënne schnell handelen. An deen, dee schnell handelt, dat ass deen, deem d'Zukunft gehéiert. Ech hätt gären, datt mer an der Finanzplaz eng Leadership-Positioun behalen. An dëse Projet erlaabt eis et deem Wee e Schratt méi nozekommen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Marcel Oberweis), François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. François Maroldt), Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Ben Fayot), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Froestonn un d'Regierung. D'Deputéierten hunn zwou Minutten Zäit, fir hir Fro ze stellen. D'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir dorobber ze äntwerten. D'Froe kommen ofwiesselnd vu Majoritéit an Oppositioun. D'Madame Flesch, déi scho laang op hir Fro waart, kënnt als Zweet drun, well d'Oppositioun als Zweet drukënnt. D'Madame Arendt mat hirer Fro un de Minister vun der Gesondheet iwwert de Kampf géint den Tubak ass als Éischt drun.

M. Henri Grethen *(DP)*.- Deen ass dach gewonnen.

M. le Président.- Dat ass net gesot, Här Grethen; op jidde Fall net bei jiddfer Eenzelnem.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- D'Asammele vun den Zigarettestëmp virun der Dier huet 200 Aarbechtsplaze geschafen, ass dat dann näischt?

M. le Président.- Sou! D'Madame Arendt huet d'Wuert!

8. Heure de questions au Gouvernement

- Question N°153 du 13 février 2007 de Madame Nancy Arendt relative à la lutte antitabac, adressée à Monsieur le Ministre de la Santé

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Här President, den 30. Januar 2007 huet d'EU-Kommissioun ee Gréngbuch ugeholl mam Titel: «Vers une Europe sans fumée de tabac». Heiduerch soll eng öffentlech Debatt an allen EU-Memberstate frësch lancéiert ginn, fir ze kucken op wéi eng Manéier een am beschten déi Zone weiderbrénge kann, wou net gefëmmt däerf ginn.

„Bréissel géint de bloen Damp", an de Wand huet och an Europa gedréint, steet am „Wort" vum 31. Januar, andeem se op eng Deklaratioun vum zypriotesche Gesondheetskommissär Markos Kyprianou aginn, dee fir d'Gesondheet an der Europäescher Unioun zoustänneg ass. Den Här Kyprianou huet bei dëser Geleeënheet drun erënnert, datt an der EU all Joer duerch d'Passivfëmme méi wéi 79.000 Erwuessener stierwen. Domadder ass d'Passivfëmmen eng vun den heefegsten Ursaache fir vermeidbar Stierwesfäll a Krankheeten an der Europäescher Unioun.

Senger Meenung no soll et e Fëmmverbuet op allen Aarbechtsplazen an deene 27 Memberstate ginn. Hie weist drop hin, datt ee jo beispillsweis d'europäesch Richtlinn zum Gesondheetsschutz op der Aarbechtsplaz esou ännere kéint, datt och déi musse geschützt ginn, déi an de Caféen, Restauranten an Diskoe schaffen. Et gëtt och vun der Kommissioun betount, datt Bréissel den Zigarettendamp an d'Richtlinn vun de geféierleche Stoffer ophuele kéint. Dat hätt och verbindlech Konsequenzen. Den Trend, fir géint den Tubak virzegoen, ass also och an Europa ukomm an ass net méi ze stoppen, well eng rezent Eurobarometer-Ëmfro beleet, datt 80% vun den EU-Bierger fir e Fëmmverbuet op der Aarbechtsplaz an an allen zouenen öffentlechen Ariichtunge sinn.

Well mir jo zu deene Länner gehéieren, déi zënter dem leschte Joer en Antitubaksgesetz hunn, an den 19. Januar 2007 e Règlement grand-ducal ofgesehnt hunn, dat virschreift wéi ee seng Raimlechkeeten ëmbaue muss, fir datt do däerf gefëmmt ginn, a wat och bestëmmt mat engem gréisseren Investissement verbonnen ass, wollt ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

Wéi vill Restaurateuren hunn iwwerhaapt esou ee Fumoir ugefrot? An ass et net gutt méiglech, datt an engem oder zwee Joer op europäeschem Plang entschloss gëtt d'Fëmmen och an dëse Fumoiren ze verbidden, an datt eis Restaurateuren…

M. le Président.- Kuerz, Madame Arendt.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Jo, ech sinn direkt fäerdeg. Si hate mer am Ufank e puer Sekonne geholl. Et ass meng lescht Fro.

…riskéieren, datt se sech och elo absolut ëmsoss an déi Onkäschte geheien? Ass an nächster Zukunft mat esou enger EU-Richtlinn ze rechnen, déi nach weider Moossname fir de Schutz virum Passivfëmme virgesäit?

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Arendt. Den zoustännege Gesondheetsminister, den Här Mars Di Bartolomeo, huet d'Wuert.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass effektiv richteg, dass d'Kommissioun e Gréngbuch erausginn huet, wou se d'Memberlänner invitéiert am Kampf géint d'Schiedlechkeet vum Tubak verstäerkt aktiv ze ginn.

Ech wëll der Madame Arendt just soen, dass e Gréngbuch eigentlech just en Theesepabeier vun der Kommissioun ass a selbstverständlech nach keng Rechtskraaft huet. D'Gréngbuch, d'Wäissbuch, d'Konklusiounen, d'Aschaltung vum Conseil, dem Europaparlament si weider Etappen, esou dass net ze erwaarden ass, dass innerhalb vu kuerzer Zäit eng Direktiv oder e Reglement géif kommen um europäesche Plang, dat a sämtleche Länner den Tubak a sämtlechen öffentleche Gebaier géif verbidden. Dat just zu de Fakten.

Richteg ass, dass niewent Lëtzebuerg eng Rei vu Länner Décisioune geholl hunn, fir dem Tubak Grenzen ze setzen. Bei eis ass dat zënter dem 5. September de Fall. D'Madame Arendt weess sécher och, dass an deem Gesetz, wat d'Chamber gestëmmt huet virun e puer Méint, déi Exceptioun méiglech ass a Restauranten, déi sech Équipementer uleeën, Ëmbauaarbechte maachen, fir dann lessen a Fëmme kënnen zesummenzemaachen, ënner ganz strikte Konditiounen.

Dir wësst, dass ech dofir kritiséiert gi sinn, dass dat Reglement ganz strikt ausgefall ass. Ech mengen, dat war awer am Sënn vum Gesetzgeber, dass een net duerch d'Hannerdier dat erëm soll ofschafen, wat een duerch déi viischt Dier agefouert huet. D'Regel ass also ganz kloer, an dat heescht: An de Restaurantë wéi a ganz villen anere Gebailechkeeten gëtt net gefëmmt.

Dee Règlement grand-ducal ass an der Zwëschenzäit vum Conseil d'État aviséiert, vum Regierungsrot verofscheet, an d'Konditioune si wéi gesot ganz strikt.

Dir hutt gefrot, wéi vill Demanden dass agereecht gi sinn: Et sinn der eng 50, déi erakomm sinn. Dir hutt mech och gefrot, ob et unzerode wär, fir déi doten Investissementer ze maachen, wou een awer misst domadder rechnen, dass an deenen nächste Jore vläicht net onbedéngt iwwert d'Europäesch Kommissioun, mä vläicht iwwert d'Lëtzebuerger Parlament méi strikt Décisioune kéinte kommen, ob et sech géif rentéieren, fir dat doten ze maachen. Ech soen lech meng éierlech Meenung. Ech géif kengem roden, esou héich Investitiounen ze maachen, fir an Ausnahmefäll Leit ze erlaben a Restauranten ze fëmmen.

Ech mengen, d'Lëtzebuerger an déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg iesse ginn, hu sech relativ gutt mat deem Gesetz ausenanergesat a respektéieren et och wäitgehend. Ech mengen, et wär e falscht Signal, wann een an déi dote Richtung géif goen, mä et kann ee keen dovunner ofhalen, well et gesetzlech a reglementaresch och esou gewënscht war vun der Chamber.

Ech géif dovunner ofroden, dat ëmsou méi well een, wann een e Fumoir wëllt - dat heescht just eng Plaz, wou een, deen onbedéngt eng Zigarett wëllt fëmmen, sech kann zréckzéien ouni Service an ouni näischt -, een dat ouni gréisseren Opwand ka maachen, also esou eng grouss Prozedur net noutwendeg ass.

Vu dass d'Madame Arendt mer déi dote Fro gestallt huet, wëll ech hir soen, dass um Terrain ganz vill Bewegung ass, dass an de Schoulen dat ganz gutt geet, dass an der Zwëschenzäit och um Aarbechtsmaart munches bougéiert, an ech mer selbstverständlech och géif wënschen - ech si rezent an engem Bréif erëm dorop ugeschwat ginn -, dass hei an der Chamber datselwecht Signal géif kommen, ier e Reglement verofscheet ginn ass, an dass d'Chamber sech géif als dampfräi Zon erklären.

Villmools Merci fir d'Virlag, an ech gi se weider un de President vun der Chamber.

(Interruptions)

M. le Président.- Här Minister, ech kann lech ganz berouegen, wat d'Chamber ubelaangt. Ech wäert a 14 Deeg dem Büro vun der Chamber proposéieren, dass mer kee Gebrauch vun deenen Dispositioune wäerte maachen, déi an deem Reglement virgesi sinn, notamment wat d'öffentlech Gebaier ubelaangt, an datt an der Chamber all Raimlechkeeten, déi et hei am Parlament gëtt, sief et Büroen, sief et d'Parlament hei selwer, eng rauchfräi Zon sinn, datt hei am Gebai net däerf gefëmmt ginn.

(Interruptions diverses)

Une voix.- Abee merci, ech wëll awer nach gär a mengem Büro fëmmen!

Une autre voix.- An d'Regierung?

M. le Président.- Ech wëll lech soen, datt ech dem Büro déi Propositioun maache wäert, an dann ass et um Büro, fir ze décidéieren. Dir wësst, datt ech an engem éischte Stadium och net op där Linn war, mä ech fannen, wa mer eis Reglementer ginn a Gesetzer ginn, da solle mer eis och un se halen.

De Minister huet virdru geschwat vun Hannerdieren a vu Lächer, déi ee sech kann opmaachen oder ënner Ëmstänn opmécht. Ech fannen net, dass mir als éischt Institutioun vum Land dat sollte maachen, an deementspriechend sinn ech dofir, datt an deem Haus hei net méi gefëmmt gëtt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Dat gesot...

(Interruption)

Selbstverständlech, dat, wat fir eis zielt, zielt an alleréischter Linn och fir d'Regierung.

Da kënnt déi nächst Fro, dat ass déi vun der honorabeler Madame Flesch un d'Madame Minister vun der Famill iwwert den Accouchement anonyme. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°154 du 24 octobre 2006 de Madame Colette Flesch relative à l'accouchement anonyme, adressée à la Ministre de la Famille et de l'Intégration

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, Madame Minister, Dir wonnert lech vläicht, datt just ech eng Fro stellen iwwert den Accouchement anonyme, well ech war den Auteur vun der Proposition de loi, déi derzou geféiert huet, dass 1975 den Artikel 57 Alinea 3 an de Code civil ageschriwwe ginn ass iwwert den Accouchement anonyme.

Woufir? Deemools ass gemengt gi vu Gynécologuen an Obstréticienë souwuel wéi vu Fraenorganisatiounen, déi Mesure, déi a Frankräich bestanen huet, wär e Moyen, Avortementen ze vermeiden an d'Adoptioun ze vereinfachen. Nun hunn awer d'Iddien an der Gesellschaft sech geännert, an haut gi mer dovun aus, dass d'Kanner e Recht hunn - wann och net onbegrenzt - ze wëssen, wien hir Parents biologiques sinn.

Den Artikel 7.1. vun der Convention internationale relative aux Droits de l'Enfant vum 20. November 1989 gesäit vir, an ech zitéieren: «L'enfant a, dans la mesure du possible, le droit de connaître ses parents et d'être élevé par eux.»

Déi Konventioun ass vu Lëtzebuerg approuvéiert ginn duerch d'Gesetz vum 20. Dezember 1993 mat enger Partie Reserven an notamment enger Reserv relativ dem Accouchement anonyme.

1998 huet de Comité des droits de l'enfant dorop higewisen, dass an deem Mooss, wou déi Reserv géif bestoen, Lëtzebuerg de Kanner, déi par accouchement anonyme gebuere sinn, d'Recht géif oferkennen, souwäit méiglech hir biologesch Elteren ze kennen.

D'Chamber huet de 26. Oktober 1998 eng Motioun ugeholl, déi weidergeleet ginn ass un d'Commission consultative d'Éthique, an déi huet och recommandéiert, et soll een dem Wonsch vun der Konventioun nokommen.

Meng Fro un d'Ministesch ass: Huet si wëlles, dem Avis vun der Commission consultative d'Éthique Rechnung ze droen? Wa Jo, wéini an ënner wat fir enger Form?

Huet se och wëlles Initiativen ze huelen en matière d'anonymat a senger Restriktioun am Kader vun der Procréation médicalement assistée?

M. le Président.- Merci, Madame Flesch. D'Madame Marie-Josée Jacobs, Ministesch vun der Famill, huet d'Wuert.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et hat e bësse gedauert, bis mer dozou komm sinn iwwert déi Fro hei kënnen ze diskutéieren.

Ech wonnere mech iwwerhaapt net, Madame Flesch, firwat datt Dir déi Fro sollt stellen, well ech denken, datt et eppes ass, wat jo eigentlech jiddferee kann interesséieren an och jiddferee ka motivéieren. Duerfir ass et sougutt Äert Recht, fir dat doten ze froen, wéi soss iergendengem säint, an duerfir brauch ech mech och net ze wonneren.

Är Fro, déi Der stellt, ass fir mech eigentlech eppes, wou ech zënter enger Rei vun Zäit och hanndru sinn a mer doriwwer och Gedanke maachen. A virun net allze laanger Zäit hunn ech och nach vun deeneselwechte Fraendokteren a vun deenen Hiewannen, déi déi Zäit do waren, gesot kritt, datt een net dierft op de Wee goe vun der net anonymer Adoptioun.

Ech sinn awer der Meenung, esou wéi Dir och an och esou wéi d'Commission consultative d'Éthique, de Kannerrechtscomité an den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, datt ee misst kucken, datt een Indikatioune géif kréien. Et ass och an deem Sënn, dass mer amgaange sinn ze kucken, wéi een dat ka maachen.

Mir hunn och mat der Commission consultative d'Éthique selwer Kontakt, awer net nëmmen iwwert déi dote Froen, mä méi generell iwwert d'Adoptiounen, well et fir mech eng vun deene sensibelste Froen ass, déi et iwwerhaapt gëtt - alles, wat mat Adoptiounen zesummenhänkt. An do mengen ech ewell, datt et wichteg wier, datt een och deen do-